

# Parbréif

Par Regioun Iechternach St Willibrord

Nr
6/26

*Editorial...*

# Anniversairen, Krisen an Opbrëch

Um Ufank vun engem neie Schoul- an Aarbechtsjoer wëll ech mat dësen Zeilen un zwee Anniversaire erënneren, déi wichteg sinn. Virun 10 Joer koum et zu där Ännerung, déi déi meeschte Leit bei der Trennung vu Kierch a Staat getraff huet. Mam Ufank vun der Grousser Vakanz 2016 wor déi lescht Stonn Relioунsunterrecht an de Lëtzebuerger ëffentleche Schoule gehal. Virun 10 Joer hunn d'Pore sech am Land missen nei organiséieren. D'Katechees an der Por ass ugelaf. Am Ufank woren do iwwerall vill Kanner. Vill Famillje wollten op mannst bis zur Kommioun hir Kanner op deem Wee weiderféieren, dee si nach an der Schoul ugefaangen haten. Haut sinn d'Zuelen erofgaang. Vläicht schéngt aneres grad méi attraktiv wéi sech an der Fräizäit mat Gott a Glawen ze beschäftegen.

Mir zu Lëtzebuerg wore bis dohi gewinnt: Kathoulesche Glawe wor integrale Bestanddeel vum allgemenge gesellschaftleche System. Alles ass iergendwéi automatesch gelaf. Zënter hier huet dat geännert. Haut ass Kathoulesch-sinn eng Entscheedung. Glawen a kierchlecht Liewe si just eent vu villen aneren Angeboter aus Gesellschaft, Kultur a Sport. Fir ons Matchrëschten, déi aus dem Ausland bei ons kommen, ass et normal, dat ee fir Glawen a Kierch Zäit an och nach méi investéiert. Mir Lëtzebuerger trauere nach bei munchem deem Ale no, wat esou ower net méi erëmkënnt. Nach déi lescht Zäit hunn ech bei ville Leit Wonne gespuert, déi dës iwwerrompelt Trennung vu Kierch a Staat verursaacht hat. Munch Changementer brauchen eben Zäit. A vläicht wor et trotzdeem néideg, e System, dee net méi fonctionéiert hat, ze änneren. Schonns virdru wor et schwiereg gi Leit ze fannen, déi Relioun an de Grond- a Secondairesschoulen enseignéiere wollten.

Trotzdeem dierfe ee net verschweigen: Déi Trennung vu Kierch a Staat wor grad vun deen deemolege politesch Verantwortlech net aus Léift zum Härgott an aus Engagement fir de Glawen entstanen, bien au contraire. „Wann ech eng Déierenaart deziméiere wëll, dann huelen ech hinnen déi Plaze, wou si sech fortplanzen, wou si sech ernieren, wou si hier Näschter hunn“ sot deemools en engagéierte Biolog aus onser Por. Genee do, beim Relioунsunterricht, beim Bezuele vu kierchleche Mataarbechter, bei de Kierchen a Gebaier, huet d'Trennung vu Kierch a Staat getraff. Allerdéngs, d'Kierch ass net deziméiert ginn. Nach existéiere mir Chrëschten. Jo, a vläicht spiert ee bei ons och scho ganz zaart Erneierung, déi grad am Frankräich scho vill méi staark ass. Chrëscht-sinn ass net méi eng gesellschaftlech Conventioun, mee eng perséinlech Entscheedung fir e Liewen mat Jesus, dem Christus.

En hoffnungsvollt Zeechen dovunner fanne mir an onser Por Regioun Iechternach. Rezent huet sech een aus onser Mëtt op de Wee gemaach fir säi Liewen dem Härgott ze weien. Am Wanter woren vill Leit vun der Ënnersauer am Klouschter Maria Engelport bei Cochem, wou de Patrick Kersch vu Méischdrëf en éischt Engement am *Institut Christus Köning und Hohepriester* geholl huet.

**Titelbild**: Hauptaltar der Kirche in Moersdorf, Foto Tom Osborne | Text S. 31

Grad, wou villes an der Welt d'Mënschen erschüttert, wou vill Froen opkommen - Froen och no Identitéit, no Sënn, no Hoffnung - do hu mir als Katholiken a Jesus dem Christus eng Botschaft, déi de Mënschen Äntwerten op hier déif Froe gëtt. Deele mir dës Botschaft mat onse Kanner, Jonken an och den Erwuessenen. Katecheese ass fir jiddereen.

Datt Krisenzäiten duerchaus Zäite vun Erneierung sinn, weist en anert Jubiläum, dat dëser Deeg gefeiert gëtt. Den 3. Oktober ginn et 800 Joer, datt de Franz vun Assisi aus dëser Welt an d'Erfëllung vun onser Existenz bei Gott iwwergaang ass. Och deemools wor d'Situatioun an der Kierch net roseg, vläicht esou guer nach vill méi schlëmm wéi haut. Op senger Sich no Sënn hat den abenteuerlustigen Jong vun engem räichen Händler de Jesus fonnt a wollt wéi dësen an Aarmut a Bescheidenheet liewen. Säin alternative Liewesstil, seng naturverbonnen Aart a Weis zesumme enger déiwer Spiritualitéit mam Bléck op de Jesus, dee sech mat sengem Mënsch-ginn an Doud um Kräiz aarm gemaach huet, zéien zënter deemols zu Assisi bis haut duerch d'ganz Welt Mënschen un. Esou hat den Time-Magazin den hellege Franziskus zum Mënsch vum II. Joerdausend erwielt. An eise Familljе pfleege bestëmmt déi meescht vun ons e Brauch, deen de Franz vun Assisi grondgeluecht hat: D'Kréppche fir Chrëschtdag.

Sënnvoll liewen an u Gott gleewen, dat wosst de Franz vun Assisi virun 800 Joer. Dovunner ka keng Trennung vu Kierch a Staat ons ofhalen. Dozou wëllt zënter 10 Joer d'Katechese an onser Por bäidroen. Kommt, loosst och mir et entdecken a verdéiwen!

*Luc Schreiner*

Gott, wir danken dir für unser Leben:
Für die Früchte der Erde, die uns nähren,
für die Liebe der Menschen, die uns trägt,
für die Hoffnung, die wir weitergeben.
Gott, du teilst aus – wir empfangen.
Du gibst Brot – wir werden satt.
Du kommst – und wir sind nicht mehr allein.
Du sammelst uns zu einer großen Gemeinschaft
jetzt und allezeit.
Wir danken dir dafür.
aus liturgischer Wegweiser.de

## Parbréif Inhalt


| | | | |
|---|---|---|---|
| Editorial... | 2-3 | Kierch vu Méischdref | 19-20 |
| Masseprogramm | 4-14 | Dëst & dat | 21-23 |
| Impressum | 15 | Kateches a Firmung | 25-26 |
| Griewerseenungen | 17 | dat (Vir-)Lescht | 27 |
| Willibrordus-Oktave 2026 | 18 | | |

# 25. Sonndeg am Joereskrees
Mt 20, 1-16

## *Kiermes zu Iechternach*

**Samschdes, 19.09.**

Echternach 15.00 Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)

Echternach 17.00 **Virowendmass** (Muttergotteskapell)
Jean Zimmer-Heuskin / Fam Laroche-Gaviny / Emmanuel Schoentgen a Fam Schoentgen-Schumacher

**Sonndes, 20.09.** *Joeresdag vun der Wei vun der Basilika*

Echternach 09.00 **Mass**

Echternach 10.30 **Kiermesmass** fir d'Par / 1. Jm Brigitte Kohlhaas / 1. Jm Erny Erasmy 4. Jm Paul Pletschette / abbé Georges Hoffmann / José Joaquim Pontinha da Rocha / Jm Jos Jans-Sauber

Junglinster 10.45 **Mass** Marcel a Jean Beck / Armand a Lydie Trierweiler a Fam Trierweiler a Fam Kayser / abbé Emile Seiler, St Fam Bailleux-Seiler/ St Maria a Narcisse Moes-Prim

Girsterklaus 15.30 **Rousekranz**

Echternach 18.30 **Owesmass** Jm Pol Hoffmann / Eugène Schmitz

**Méindes, 21.09.** *Hl. Matthäus, Apostel und Evangelist*

Echternach 09.00 Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger

Cherchez le Seigneur tant qu’il se laisse trouver ;
invoquez-le tant qu’il est proche.
Que le méchant abandonne son chemin,
et l’homme perfide, ses pensées !
Qu’il revienne vers le Seigneur
qui lui montrera sa miséricorde,
vers notre Dieu
qui est riche en pardon.
Car mes pensées ne sont pas vos pensées,
et vos chemins ne sont pas mes chemins, – oracle du Seigneur.
Autant le ciel est élevé au-dessus de la terre,
autant mes chemins sont élevés au-dessus de vos chemins,
et mes pensées, au-dessus de vos pensées.

*Is 55,6-9*

**Dënschdeg, 22.09.**

Echternach 09.00 Mass op Meenung FOBW

Echternach 18.00 Firmtreffen Krypta

**Mëttwoch, 23.09.** *Hl. Padre Pio*

Echternach 09.00 Mass (Muttergotteskapell) Jos Ries a Fam / Fam Jans-Cariers abbé Jos Hirt / als Merci

CIPA-Lënster 11.00 Mass

Beaufort 10.30 Gottesdéngscht (Seniorenresidenz)

**Donneschdeg, 24.09.**

Echternach 09.00 Mass St René Henkes

Echternach 18.30 Stëll Anbetung

19.00 Vesper

**Freideg, 25.09.** *Hl Nikolaus v. Flüe*

Echternach 09.00 Mass

Echternach 19.00 Mass (Muttergotteskapell) zum Abschluss der Novene zu Ehren des Hl. Bruder Klaus - für den Frieden in der Welt



Bruder Klaus

Mein Herr und mein Gott,
nimm alles mir,
was mich hindert zu dir.

Mein Herr und mein Gott,
gib alles mir,
was mich führet zu dir.

Mein Herr und mein Gott,
nimm mich mir
und gib mich ganz
zu eigen dir.

*Nikolaus v. d. Flüe*

# 26. Sonndeg am Joereskrees
Mt 21 28-32

## *Kiermes zu Consdorf*

**Samschdes, 26.09.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Echternach | 17.00 | **Virowendmass** (Muttergotteskapell) Jean Zimmer / 6. Wm Aline Hoffmann-Lies / 6. Wm Nelly Dienhart-Lefèvbre |
| Consdorf | 18.00 | **Kiermesmass** abbé Georges Hoffmann / Cecile a Matthias Berens a Fam / Bertha a Nic Gros-Schmit, Hélène a Louis Welter Jungels / Jm Maria Wolff-Flammang / Roger a Charlotte Schroeder-Stelmes / Jm Albert Goedert a Milla Goedert / St Lucie an Ernest Bauler-Diedert, Anna Diedert, Alice Fischer, Triny a Jean Herschbach-Diedert |

**Sonndes, 27.09.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | **Mass** |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / Chris Reuter / 6. Wm Johny Schmit<br>*dës Mass gëtt gesonge vum Kierchchor St. Sebastian Kuppenheim* |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Fam Weydert-Duhr |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** St Fam Becker-Mangerich |

**Méindes, 28.09.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |
| Breidweiler | 18.00 | Mass André Laugs |

Ein Mann hatte zwei Söhne.
Er ging zum ersten
und sagte: Mein Kind, geh und
arbeite heute im Weinberg!
Er antwortete: Ich will nicht.
Später aber reute es ihn und er ging
hinaus.
Da wandte er sich an den zweiten
und sagte zu ihm dasselbe.
Dieser antwortete: Ja, Herr –
und ging nicht hin.
Wer von den beiden hat den Willen
seines Vaters erfüllt?

*Mt 21, 28*



**Dënschdeg, 29.09.** ***Hl. Michael, hl. Gabriel u. hl. Rafael, Erzengel***

Echternach 09.00 Mass Aloyse a Marguerite Ernzer-Wagner

CIPA-Consdorf 10.30 Mass St Joseph Baum a Catherine Kersch, St Fam Mathias a Francine Speller (B 2002)

Junglinster 18.00 Firmtreffen am Parzenter

**Mëttwoch, 30.09.** *Hl. Hieronymus*

Echternach 09.00 Mass (Muttergotteskapell)

**Donneschdeg, 01.10.** *Hl. Theresia vom Kinde Jesus*

Echternach 09.00 Mass Fam Metz-Blanpain

Echternach 18.30 Stëll Anbetung

19.00 Vesper

**Freideg, 02.10.** ***Heilige Schutzengel***

Echternach 09.00 Mass op Meenung FPMP

duerno Stëll Anbetung

Junglinster 18.00 Stëll Anbetung

18.30 Kanner-a Familljemass

## Communauté portugaise

Durant le mois d'octobre, prière du chapelet tous les jours à 20.00 heures à la crypte de la Basilique. Accès par la porte arrière (derrière la Basilique).

Einen Engel wünsch ich dir
der dir unterwegs begegnet.
Einer komm und bleib bei dir,
der dir hilft und der dich segnet.

Einen Engel wünsch ich denen,
die in Traurigkeit und Sorgen
sich nach Licht und Liebe sehnen,
einen Engel heut und morgen.

Einen Engel wünsch ich uns,
dass wir von ihm sehen lernen
und die hohe schwere Kunst:
Leises hören in den Lärmen.

Einen Engel sende Gott,
zu uns her in diesen Tagen,
dass wir seine Botschaft hören
und danach zu leben wagen.

*Ursula Koch*



# 27. Sonndeg am Joereskrees

Mt 21. 33-42.44.43

*Rousekranzsonndeg*

*Kiermes zu Befort an zu Mompech*

**Samschdes, 03.10.** *Hll Ewalde, Gefährten des hl. Willibrords*

Echternach 11.00 **Dafféier** fir Aydem Dahm (Muttergotteskapell)

Echternach 15.00 Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer)

Echternach 17.00 **Virowendmass** (Muttergotteskapell) op Meenung DLHN
6. Wm Annette Pommerel-Hoffmann

Mompach 18.00 **Kiermesmass** Liew a verst. vu Mompech a Givenich
Verst v.d. Fam Osweiler-Weydert / Ad Osweiler

Gonderange 18.30 **Virowendmass** 10. Jm Robert Frantzen / Thelma Sheehan + Family

**Sonndes, 04.10.**

Girsterklaus 09.00 **Mass** François an Emmy Relles-Wies

Hemstal 09.00 **Mass**

Echternach 09.00 **Mass** op Meenung JJ / René Hoscheid / Fam Braas-Majerus

Echternach 10.30 **Mass** fir d'Par / op Meenung DS

Rosport 10.30 **Mass** Jm Ferdinand Feltes / Nicolas Grosbusch a Fam / Jean Sonveau
St Ehel Michel Krier, Fam Krier-Weydert a Jean Krier

Beaufort 10.45 **Gottesdéngscht fir d'Kiermes**
Jm Arsène Stalter / Jm Marcel Stalter

Junglinster 10.45 **Mass** Marcel Steffen / Marcel a Jean Beck

Girsterklaus 15.30 **Rousekranz**

Girsterklaus 16.00 **Muttergottesandacht**

Echternach 18.30 **Owesmass**

**Méindes, 05.10.**

Echternach 09.00 Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger

Altlinster 18.00 Mass Ali Frisch

**Dënschdeg, 06.10.** *Hl Bruno*

Echternach 09.00 Mass op Meenung FOBW

Osweiler 09.30 Mass uschl. Rousekranz

Rodenbourg 18.30 Mass Fam Thein / Fam Berns-Majerus, Koob-Hoffmann, Berns-Hoffmann, Hoffmann-Kariger, Albert Lanners, Eugène Flies, Alain de la Gardelle

| **Mëttwoch, 07.10.** | | Gedenktag Unserer Lieben Frau vom Rosenkranz |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) |
| Beaufort | 10.30 | Mass (Seniorenresidenz) |
| CIPA-Lënster | 11.00 | Gottesdéngscht |
| Girsterklaus | | **E Mëtteg mam Rousekranz** |
| | ab 16.00 | **16.00** Freederäiche Rousekranz - **17.00** Liichträiche Rousekranz<br>**18.00** Schmäerzhafte Rousekranz |
| | 19.00 | **Festmass** z.E. v. d. Rousekranzkinigin<br>**duerno Liichterprëssessioun** |
| Echternach | 18.30 | Kanner-a Familljemass |

**Donneschdeg, 08.10**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass |
| Echternach | 18.30 | Stëll Anbetung |
| | 19.00 | Vesper |

**Freideg, 09.10.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner-a Familljemass |
| Herborn | 18.00 | Rousekranz |
| | 18.30 | Mass 6. Wm Jos Kleyr |



Franz von Assisi: Fresco um 1280, Basilika San Francisco, Assisi

*"Richte meine Kirche wieder auf."*

Den Auftrag, den Franz von Assisi erhalten hat, gilt auch heute. Allen, die sich Franz zum Vorbild nehmen.

Sein Verständnis des Evangeliums geht zurück zur den Wurzeln:

Liebe zu allen Menschen,
Barmherzigkeit,
Versöhnung und Frieden,
innige Verbundenheit mit der ganzen Schöpfung.
in dem, was er lehrte und lebte, stecken kritische Anfragen an die Christenheit, damals wie heute.

# 28. Sonndeg am Joereskrees Mt 22, 1-14

## *Kiermes zu Rouspert*

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdes, 10.10.** | | *Virun 360 Joer ass Maria, Tréischterin am Leed, zur Patréinesch vun der Stad Lëtzebuerg erwielt ginn* |
| Consdorf | 11.00 | **Mass** fir d'Journée de la Commémoration nationale / zur Éier vun der Tréischterin / Fam Demuth-Arend / Giberto-Dagant, Dagant-Descotte, Descotte-Quertainmont, Giberto-Dumont, Giberto-Serafini et tous les défunts de la famille. |
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Echternach | 17.00 | **Virowendmass** (Muttergotteskapell) |
| Born | 17.30 | Rousekranz |
| Born | 18.00 | **Virowendmass** St fir déi vermëssten a gefale Jongen |
| Bech | 18.00 | **Gottesdéngscht** fir d'Journée de la Commémoration nationale Marie-Louise Steffes-Neyens a Fam |
| Bourglinster | 18.30 | **Virowendmass** Jm Pauline Wehr / Henri Braun St Wohltäter (Wolff u. Hansen) |
| Echternach | 20.00 | **Messe** pour la communauté portugaise |
| | 21.15 | **Procession** en l'honneur de Notre-Dame de Fatima |

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndes, 11.10.** | | |
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** St Fam Hinkes-Steichen |
| Echternach | 09.00 | **Mass** Fam Stors, Bintz, Ries, Sturm, Wampach a Weber |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / fir d'Journée de la Commémoration nationale / fir all Affer vum Krich, fir Eenheet a Fridden / Marianne Bischof |
| Osweiler | 10.30 | **Mass** André a Roger Schwartz |
| Berdorf | 10.45 | **Gottesdéngscht** fir d'Journée de la Commémoration nationale |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** fir d'Journée de la Commémoration nationale / fir all Affer vum Krich, fir Eenheet a Fridden / Jm J.P. Mangen a Fam / 3. Jm Henriette Bailleux-Seiler |
| Osweiler | 11.45 | **Dafféier** fir Leo Stein |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| Girsterklaus | 16.00 | **Andacht** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** **mat der Jugend** |

| | | |
|---|---|---|
| **Méindes, 12.10.** | | |
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |
| Rosport | 18.00 | **Kiermesmass** fir Lieweg a Verstuerwen aus dem Duerf |
| | duemo | **Prëssessioun** op de Kierfecht a **Griewerseenung** |

**Dënschdeg, 13.10.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass Aloyse a Marguerite Ernzer-Wagner |
| Osweiler | 09.30 | Mass uschl. Rousekranz |
| CIPA-Consdorf | 10.30 | Gottesdéngscht |

**Mëttwoch, 14.10.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) |
| Echternach | 18.30 | Kanner-a Familljemass |

**Donneschdeg, 15.10.** *Hl. Theresia von Avila*

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass Anna Schock |
| Echternach | 18.30 | Stëll Anbetung |
| | 19.00 | Vesper |

**Freideg, 16.10.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner-a Familljemass |
| Born | 18.00 | Rousekranz |
| | 18.30 | Mass |



# 29. Sonndeg am Joereskrees Mt 22, 15-21

*Kiermes zu Beidweiler an zu Dillingen*

**Weltmissiounssonndeg- Affer fir Missio**

| **Samschdes, 17.10.** | | *Hl. Ignatius von Antiochien* |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Echternach | 17.00 | **Virowendmass** (Muttergotteskapell) Fam Grosch-Hoffmann a Lucie Grosch-Bausch / Jean-Pierre Dondelinger / Soeur Materna a Fam |
| Herborn | 17.30 | **Rousekranz** |
| Herborn | 18.00 | **Virowendmass** Fam Dahm-Roulling-Reiter |
| Beidweiler | 18.30 | **Kiermesmass** Christophe a Marguerite Weydert-Konsbrück a Josy Weydert / St Fam Sauber / St Arthur Hellers / St Andreas Korstanje |

| **Sonndes, 18.10.** | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Festmass** z.E. vum Hl. Lukas op Meenung v.d. Pilger |
| Echternach | 09.00 | **Mass** Jean Noesen |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / José Joaquim Pontinha da Rocha / Liliane Gaspar Maria Dos Anjos / Fam Dominique Sauber-Hoffmann a Lucien Sauber |
| Steinheim | 10.30 | **Mass** op Meenung L.S. / Hubert Conjaerts |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** fir déi lieweg a verstuerwen Lënster Senioren |
| Dillingen | 10.45 | **Gottesdéngscht fir d'Kiermes** Gebiet fir d'Journée de la Commémoration nationale |
| | duerno | **Kierfechtseenen** |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| Girsterklaus | 18.00 | **Andacht** **Ofschloss vun der Pilgersaison** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** 2. Jm Fernand Hauer / op Meenung |

| **Méindes, 19.10.** | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Krypta) z. E. v. hl. Willibrord - op Meenung vun de Pilger |

| **Dënschdeg, 20.10.** | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass |
| Osweiler | 09.30 | Mass uschl. Rousekranz |
| Echternach | 18.00 | Firmtreffen |

missio Luxembourg ŒUVRES PONTIFICALES MISSIONNAIRES

**Mëttwoch, 21.10.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass (Muttergotteskapell) Aline Hoffmann-Lies |
| Beaufort | 10.30 | Gottesdéngscht (Seniorenresidenz) |
| Echternach | 18.30 | Kanner-a Familljemass |

**Donneschdeg, 22.10.** *Hl. Johannes Paul II.*

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass Aloyse a Marguerite Ernzer-Wagner |
| Echternach | 18.30 | Stëll Anbetung |
| | 19.00 | Vesper |

**Freideg, 23.10.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 09.00 | Mass |
| Junglinster | 18.00 | Stëll Anbetung |
| | 18.30 | Kanner-a Familljemass |
| Born | 18.00 | Rousekranz |
| | 18.30 | Mass |



**Lass uns ein Licht anzünden**
unsere Hoffnung will aufleuchten:
Denn du, unser Gott, bist treu.
Du sorgst dich um deine Kinder
in Not und Bedrängnis.

Lass uns aufstehen in deinem Namen
gegen Bedrohung und Gewalt.
Lass uns einstehen mit deinem Wort
für Gerechtigkeit und Menschenwürde.

Lass uns eintreten in deinem Geist
für Verständigung und Versöhnung.

Öffne unsere Herzen und unsere Hände,
damit Kummer in sich Freude verwandelt,
wenn die Bedrängten deine Güte erfahren
durch Taten der Liebe. - Amen.

*Ludwig Missionsverein aus missio.com*

# 30. Sonndeg am Joereskrees Mt 22, 34-40

## *Kiermes zu Eschweiler an zu Giischt*

**Samschdes, 24.10.**

| | | |
|---|---|---|
| Echternach | 15.00 | Beichtgeleeënheet (bis 15.30 Auer) |
| Born | 16.00 | **Dafféier** fir Leonor Rodrigues Jung |
| Echternach | 16.00 | Fusswallfahrt Herzogenrath-Merkstein |
| Echternach | 17.00 | **Virowendmass** (Muttergotteskapell) |
| Echternach | 17.00 | **Dafféier** fir Maxime Schiltges Wajathasin |
| Moersdorf | 18.00 | **Virowendmass** St Fam Rosswinkel-Idesheim an Hoffmann-Hansen |
| Eschweiler | 18.30 | **Kiermesmass** Roger Schmit a Fam Schmit-Altmann |

**Sonndes, 25.10**

| | | |
|---|---|---|
| Girsterklaus | 09.00 | **Mass** Nicolas Lanser |
| Echternach | 09.00 | **Mass** |
| Hemstal | 09.00 | **Mass** Verst. v. d. Fam Jean a Maria Witry-Schommer |
| Hemstal | 09.45 | **Kierfechtseenen** |
| Echternach | 10.30 | **Mass** fir d'Par / St. Schwestern vom A.K.J |
| Junglinster | 10.45 | **Mass** Jm Thérèse Mangen a Fam |
| Consdorf | 15.00 | **Kierfechtseenen** |
| Girsterklaus | 15.30 | **Rousekranz** |
| Scheidgen | 16.00 | **Kierfechtseenen** |
| Echternach | 18.30 | **Owesmass** Emanuel Schoentgen / Fam. Schoentgen Schumacher |

Ein Gesetzeslehrer fragte Jesus:
Meister, welches Gebot im Gesetz ist das wichtigste?
Er antwortete ihm:
Du sollst den Herrn, deinen Gott, lieben
mit ganzem Herzen, mit ganzer Seele
und mit deinem ganzen Denken.
Das ist das wichtigste und erste Gebot.
Ebenso wichtig ist das zweite:
Du sollst deinen Nächsten lieben wie dich selbst.
An diesen beiden Geboten
hängt das ganze Gesetz
und die Propheten. *Mt 22*



**Impressum** Parbréif Par Regioun Iechternach St Willibrord
Oploo: 3000 Ex., kënnt ca 7 mol am Joër eraus, gedréckt an der Imprimerie de l'Est.
De nächste Parbréif kënnt de 25.10. eraus a geet bis den 20.12.2026
**Redaktiounsschluss 8. Oktober 2026**

# Kontakt

**Francis Erasmy**, Paschtouer a Moderateur, ✉ 28, rue de la Montagne
L-6470 Echternach ☎ 727296 - 621 246624 💻 ferasmy@pt.lu
**Carlo Morbach**, Paschtouer, ☎ 621 197083 💻 carlo.morbach@cathol.lu
**Luc Schreiner**, Paschtouer, ✉ 5, rue Luc Bonblet L-6582 Rosport ☎ 691 842052
**Anise Metz**, Parassistentin , ☎ 720149 💻 aimetz@pt.lu
**Josiane Mirkes**, Parassistentin, ☎ 621263256 💻 josiane.mirkes@education.lu
**André Mendes,** Sekretär, ✉ 12, Porte St Willibrord
L-6486 Echternach, ☎ 720149 💻 iechternach@cathol.lu
**Luc Zimmer**, Titularkatechet, 12, porte St Willibrord L-6486 Echternach,
☎ 26720376, 💻 luc.zimmer@cathol.lu

**Konto Parbréif:** BCEELULL **LU54 0019 5055 3954 5000**
(Kierchefong - Par Regioun Iechternach)

## Parbüro Iechternach

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach, ☎ 720149 | iechternach@cathol.lu
**De Parbüro ass op**
**Moies: vun Dënschdes bis Freides 10-12 Auer**
**Mëttes: Dënschdes + Donneschdes vun 14-16 Auer | Mëttwochs vun 16-18 Auer**
**Iwwer Telephon si mir ereechbar**

## Büro Parzenter Lënster

15, rue du Village L-6140 Junglinster , ☎ 780043
**Permanence: Méindes 16.30-17.45 Auer a Mëttwochs 10.00-10.45 Auer**
De Büro zu Lënster ass an de Schoulvakanzen zou!

## Konto Massintentiounen:

BCEELULL **LU54 0019 5055 3954 5000**
Kierchefong C.T. / Reg Iechternach
*Fir all Uertschaften ass et déi selwecht Kontosnummer*

***Um Internet:***
eist **Parliewen** fannt Dir op: **cathol.lu/iechternach**
d'**Basilika** (eis Parkierch) fannt Dir op: **basilika.lu**
d'**Lënster Kierch** fannt Dir op: **lensterkierch.lu**


Vom Tod gefangen,
von Trauer beherrscht.
Ich mag nichts mehr
hören, sehen, fühlen.
Herr,
öffne mir die Ohren
für dein Wort,
öffne mir die Augen
für deine Wunder,
öffne mir das Herz
für deine Liebe.
© Michael Tillmann

# Allerhellgen an Allerséilen 2026

## Gedenkfeieren op eise Kierfechter

*Seene vun de Griewer*

| | | |
|---|---|---|
| Altlinster | Méindes 02.11. | 09.45 |
| Altrier | Samschdes 31.10. | 15.30 |
| Beaufort | Méindes 02.11. | 11.45 |
| Bech | Méindes 02.11. | 10.00 |
| Beidweiler | Sonndes 01.11. | 16.30 |
| Berdorf | Sonndes 01.11. | 10.00 |
| Berdorf *Bëschkierfecht* | Sonndes 01.11. | 11.00 |
| Bollendorf-Pont | Samschdes 31.10. | 16.45 |
| Born | Sonndes 01.11. | 15.30 |
| Bourglinster | Sonndes 01.11. | 11.45 |
| Breidweiler | Samschdes 31.10. | 16.00 |
| Consdorf | Sonndes 25.10. | 15.00 |
| Dickweiler | Sonndes 08.11. | 11.30 |
| Dillingen | Sonndes 18.10. | 12.00 |
| Echternach | Sonndes 01.11. | 14.30 |
| Eschweiler *Bëschkierfecht* | Sonndes 01.11. | 15.00 |
| Eschweiler | Sonndes 01.11. | 16.15 |
| Girsterklaus | Méindes 02.11. | 16.00 |
| Godbrange | Méindes 02.11. | 10.05 |
| Gonderange | Sonndes 01.11. | 15.30 |
| Hemstal | Sonndes 25.10. | 09.45 |
| Herborn | Méindes 02.11. | 12.45 |
| Junglinster | Méindes 02.11. | 12.00 |
| Moersdorf | Sonndes 01.11. | 16.15 |
| Mompach | Sonndes 01.11. | 17.00 |
| Osweiler | Sonndes 01.11. | 11.00 |
| Rodenbourg | Sonndes 01.11. | 16.00 |
| Rosport | Méindes 02.11. | 12.00 |
| Scheidgen | Sonndes 25.10. | 16.00 |
| Steinheim | Sonndes 01.11.<br>Sonndes 22.11. | 11.45<br>11.30 |




© Bildkomposition: Martin Manigatterer; Gemälde von Elke Frommhold

# Willibrordus-Oktave 2026

Thema: "Aus Léift zu Christus - Pour l'amour du Christ"
*Homélie d'Alcuin (+804) pour la fête de Saint Willibrord*

Prediger: **Abbé Yves Olinger**
*Vice-président du Grand Séminaire de Luxembourg*

BASILIQUE
ST. WILLIBRORD
ECHTERNACH

## Freitag - 6. November
18.30 **Eröffnung und Pilgermesse**

## Samstag - 7. November
Hochfest des Hl. Willibrord
09.00 **Messe** *(Krypta)*
15.00 **Beichte**

## Sonntag - 8. November
09.00 **Messe**
10.30 **Pontifikalmesse** - *Tëleesmass*
16.00 **Lateinische Vesper**
18.30 **Abendmesse**

## Montag - 9. November
09.00 **Messe** *(Krypta)*
15.00 **Rosenkranz**
15.30 **Pilgermesse** *Dekanat Luxemburg*
19.00 **Konferenz** *von Prof. Marc Schoellen* (Spiegelsaal LCE)

## Dienstag - 10. November
09.00 **Messe** *(Krypta)*
15.00 **Rosenkranz**
15.30 **Pilgermesse** *Dekanat Zentrum*
18.00 **Wallfahrt** *für junge Menschen*
20.00 **Orgelkonzert**

## Mittwoch - 11. November
09.00 **Messe** *(Krypta)*
11.00 **Carillon-Konzert**
15.00 **Rosenkranz**
15.30 **Pilgermesse** *Dekanat Osten*
18.30 **Gottesdienst** *für Kinder + Familien*

## Donnerstag - 12. November
09.00 **Messe** *(Krypta)*
15.00 **Rosenkranz**
15.30 **Pilgermesse** *Dekanat Norden*
17.00 **Segnung** *der Kleinkinder*
18.30 **Eucharistische Anbetung**
19.00 **Vesper** *in deutscher Sprache*

## Freitag - 13. November
09.00 **Messe** *(Krypta)*
15.00 **Rosenkranz**
15.30 **Pilgermesse** *Süd-Dekanate*
**Wallfahrt** *für kranke + ältere Menschen*
18.00 **Firmungsmesse**

## Samstag - 14. November
15.00 **Beichte**
20.00 **Messe de Pèlerinage** *pour la Communauté portugaise*

## Sonntag - 15. November
09.00 **Messe**
10.30 **Hochamt**
18.30 **Pilgermesse** *fir "Koppelen" mit Einzelsegen*

**Beichtgelegenheit** Basilika St. Willibrord
Samstags, 7.11. und 14.11. um 15.00 Uhr
von Montag bis Freitag jeweils von 15.00 - 15.25 Uhr (vor den Pilgermessen)


Willibrord-Grab
*Foto: Philippe Fauvel*

# Moersdorf (Méischdrëf)

## Wollefsduerf un der Ënnersauer

D'Rees op den Titelsäiten duerch ons Por féiert ons dës Kéier op Méischdref an hire südëstlechen Zipfel bei déi héich Autobunnsbréck. Onst Méischdref, och alt nach mam Zousaz „bei Waasserbëlleg," op däitsch Mörsdorf oder franséisch Moersdorf ass net ze verwiessele weder mat Méischtref/ Moestroff an der Gemeng Bettenduerf un der Sauer, nach mat Miesdref/Moesdorf bei Miersch. Onst pittoreskt Duerf op der Ënnersauer och haut Zil oder Etappe fir Touristen, Wanderer, Cyclisten a Fëscher.

Den 2. Advent léisst e Chrëschtmaart d'Duerf an engem besonnesche Liicht erstralen. Nennenswäertes ass am Duerf och déi restauréiert Millen, wou een aus enger Ruin eng „Veloberge" (Velo & Auberge) geschaf huet, déi e sëffege Patt, eng gutt Schmier an eventuell och eng Kummer fir d'Nuecht ubitt. Op der Duerfplaz erënnert e Monument un de leschte Méischdrëffer Wollef. Allerdéngs op dat wierklech dee leschte Wollef wor? Wollef ass nämlech de Spëtznumm vun de Leit aus dësem Duerf.

Wéi an de béide lëtzebuergeschen Nopeschdierfer un der Sauer Waasserbëlleg a Bur ass och d'Kierch vu Méischdref, dem hellege Mäerte vun Tours, dem Martinus geweit. Dat Kierchegebai, wat mir haut an der Mëtt vum alen Duerf steet, gouf de 17. Juni 1872 konsekréiert. Kiermes gëtt de Sonndeg no Haupeschdag, den 3. November, gefeiert. Am 19. Joerhonnert bedéngt duerch de Fortschrëtt vun der Medezin an der Hygiène an duerch d'Wuesse vun der Populatioun gouf eng nei, méi grouss Kierch néideg. Aus Plazgrënn kuckt si no Süden. Allerdéngs de romanesche Kierchtuerm vum Virgängerbau, dee ganz traditionell no Osten ausgeriicht wor, steet bis haut op der Säit.

D'Kiercheportal ass gläichzäiteg Monument fir d'Affer vum II. Weltkrich. Iwwert der Dier gesi mir, vum Josy Jungblut sculptéiert, eng Pietà, also d'Maria, déi den doudege Jesus an hirem Schouss dréit, nodeems hie vum Kräiz erofgeholl gouf. An dësem Bild vun der Muttergottes hu sech vill Mamme vun am Krich gefalene Jongen, an zu Méischdref och vun tragesch verstuerwene Kanner, erëmfonnt: D'Leed vu Maria an de Mammen hiert Leed. Niewendrun erënnert eng Plack un de Paschtouer Jean Brachmond, e kreativen Duerfseelsorger, deen de Nazien de Bass gehalen hat an de 15. Juli 1942 am KZ zu Dachau ëmkoum.

Léif Leit suergen, datt am Sauerduerf d'Kierch zimmlech all Dag op ass. Wien an d'Gebai erageet, fënnt een e Kiercheraum, deen eng waarm Atmosphäre ausstralt, déi zu Rou a Gebiet aluet. Den holzene Rokoko-Héichaltor (Titelblad) mat senge liewege Faarwen a mat de Statue vun den hellegen Mäerten um Päerd, Hubertus am Gebiet


© Tom Osborne




virum Hirsch mam Kräiz am Gewei (Foto), Eligius mam Amboss a Lucia, fält engem direkt an d'A.

De neien Altor, op deem haut d'Mass gefeiert gëtt, integréiert e Medaillon vum Jesus mat den Emmausjünger (Foto) aus der aler Kommiounsbänk. Den opgestanene Jesus gëtt sech deenen zwee beim Deele vum Brout z'erkennen. Dat geschitt jo och bei all Mass. Beim Brieche vu Brout schenkt de Jesus sech ons a léisst ons elo schonns u senger Opersteeung deelhuelen. Den Ambo aus Bronze, e Wierk vum Egino Weinert, weist den Tetramorph, d.h. d'Symboler fir déi véier Evangelisten.

Bei däer leschter Renovatioun ass den ale Buedem aus lokalem Steen nees fräi geluecht ginn. Dozou passt en alt Weekräiz, wat an der Kierch en Ënnerdaach fonnt huet. Donieft fanne mir eng Statue vun der „Lëtzebuerger Muttergottes" ouni zousätzlech Kleeder. Eng Muschel, déi des Statue nieft den übleche Bijouen dréit, erënnert un en zweefache Santiagofousspilger aus dem Duerf. Lénks hänkt en Fändel mat enger méi moderner Duerstellung vum baarmhäerzege Jesus. Zënter méi wéi 10 Joer gëtt jo hei vu Kuerfreideg bis Wäissen Ouschtersamsdeg d'Barmhäerzegkeetsnovene gebiet. Un de Jesus, deen voll Barmhäerzegkeet fir ons gelidden huet, erënneren och déi 14 Biller vum Kräizwee, Holzintarsien, vu verschiddene FamilLen aus der fréierer Por Méischdref-Buersdref gestëft.

Dës weidere fanne mir ënnert dem Duxall eng weider Duerstellung vun der Pietà, déi vun der Giischterklaus kënnt, a soss an der Kierch Statue vum Jesus mat sengem gudden Häerz, vun der helleger Famill, vun den hellege Jousef a Willibrord. Dës Helleg soen ons: Mir si net eleng um Wee duerch d'Liewe. Si begleeden ons als Virbild, biede mat a fir ons.

Sollten der vun de Lieser vun eisem Porbréif en Tour op Méischdref maachen, sief hinnen och de Wee iwwert d'Foussgängerbréck op Metzdorf an Däitschland un d'Häerz geluecht. Hei steet nämlech nach eng schéi, romanesch Kierch, déi och d'Visite wäert ass.

*Luc Schreiner*



# Dëst & dat...

## JMJ 2027 - Seoul

Am Joer 2027 sinn d'Weltjugenddeeg zu Seoul, vum 3. bis den 8. August.
Eng Virbereedungsversammlung vir all Interesséiert ass Dënschdes, den 6. Oktober ëm 19.00 Auer am Veräinshaus zu Iechternach. Häerzlechst Invitatioun!

## Scheck-Iwwereechung




D’Kommuniounskanner aus der Par Regioun Iechternach St Willibrord hunn an dësem Joer e Projet am Guatemala vun Partage.lu ënnerstëtzt.
No der Joresofschlossmass gouf e Scheck mat der stolzer Zomm vun 2.255 € vun de Kanner un d’Vertriederin vu **partage.lu** iwwerreecht. D'Denise Richard huet de Kanner, hire Familljen an och dem ganze Pastoralteam Merci gesot fir de léiwe Gest an erkläert, wat mat de gespente Suen alles gemaach gëtt.

## Weltmissiounssonndeg

**100 Joer Weltmissiounssonndeg - 18.10.26**
2026 gët an der Kierch uechter Welt den 100. Weltmissionssondeg gefeiert.
Thema: Geent a Christus, geent an der Missioun

An de Kierchen leien Enveloppen

Dir kënnt Ären Don och direkt op Missio iwwerweisen:
**CCPL LU09 1111 0382 9981 0000**
Villmols Merci, datt Dir un déi denkt, déi materiell bedeitend manner hu wéi mir!




Sois fort et courageux.
Ne crains pas, ne sois pas effrayé :
le Seigneur ton Dieu est avec toi
où que tu ailles.
Josué 1,9
WYD
SEOUL
2027
KATHOULESCH KIERCH
ZU LËTZEBUERG
하
나
되
어
걷
는
여
정
JOURNÉES
MONDIALES
DE LA JEUNESSE
SÉOUL 2027
HOPE
FAITH
LOVE
RÉUNION DE PRÉPARATION
– ECHTERNACH –
06.10.2026 | 19h
LUX YOUTH
luxyouth.lu
À bientôt à Séoul !
Informations, dates et inscriptions
à venir très bientôt.

OEUVRES ST BARTHÉLEMY CONSDORF absl. soutient

**Action paquets de Noël pour familles nécessiteuses en Roumanie et en Ukraine du 01. - 15. 11.2026**



de ***„Kanner an Familljenhëllef asbl.“*** ***(Aide aux enfants et aux familles)***
RCS: F10515 Siège social: 7, rue de Kehlen L-8394 Olm Tél.: 661 309 320
CCPLLULL IBAN: LU61 1111 7038 8755 0000

Gratis Këschte gëtt et vum 1. November un op de Sammelplazen an an de Kierche vun der Par Regioun Iechternach St Willibrord.
*Cartons gratuits aux points de collecte et dans les églises de la « Paroisse Regioun Iechternach St Willibrord » à partir du 1er novembre 2026.*

Wgl d'Këschte mat deenen hei ënnen opgelëschte Saache fëllen.
*Les paquets devront contenir les denrées alimentaires/objets suivants :*

| | |
|---|---|
| 1 kg Zocker/sucre | 1 kg Miel/farine |
| 1 kg Räis/riz | 1 kg Spaghetti/spaghettis |
| 1 kg Schmull/semoule de blé | 500 g Margarinn/margarine |
| 250 g gemuelene Kaffi/café moulu | Friichtentéi/tisane aux fruits |
| Kichelcher/biscuits | 2 Fëschkonserven/conserves de poisson |
| 250 g Bak-Kakao/cacao nature | 400 g Schockela/chocolat Kamellen/bonbons |

3 Päck Bouillonsküben/paquets de bouillon en cube
4 Päckelcherszoppen/sachets de soupe déshydratée
2 x Vitaminbrausetabletten/comprimés effervescents de vitamines
1 Chrëschtkaart/carte vœux pour Noël

Aplaz eng gefëllte Këscht ofzeliwweren, kënnt Dir och en Don (40 € pro Këscht) u „Kanner an Familljenhëllef asbl.“ iwwerweisen. All aner Geldspend fir d'Transportkäschten ze decken ass wëllkomm.
*Au lieu de remettre un carton rempli vous pouvez faire un Don de 40,- €/paquet à « KANNER AN FAMILLIENHËLLEF asbl. ». Tout autre don pour couvrir les frais de transport est le bienvenu.*

**CCPLLULL : LU61 1111 7038 8755 0000**

Gesammelt ginn ausserdeem a guddem a propperem Zoustand :
On accepte aussi les objets suivants en état correct et propre :

waarm Decken/couvertures chaudes
Spillsaachen/jouets
Buggyen/ poussettes komplett Kannerkutschen/ landaus complets
Kannerbetter mat Matrass an Decken/lits pour bébés avec matelas et couverture
Kannervëloen/vélos pour enfants

**Mir soen Iech am Viraus e ganz häerzleche Merci.**
***Nous vous remercions chaleureusement.***




**Sammelplazen/Points de collecte :**

| | | |
|---|---|---|
| ORIGER JEMP | 56, rue Hicht Consdorf | ☎ (691) 79 08 09 |
| BUREAU PAROISSIAL | 12, Porte St Willibrord Echternach | ☎ 72 01 49 |



*Je lève les yeux vers les montagnes :*
*d'où le secours me viendra-t-il ?*
*Le secours me viendra du Seigneur*
*qui a fait le ciel et la terre.*
*Qu'il empêche ton pied de glisser,*
*qu'il ne dorme pas, ton gardien.*
*Non, il ne dort pas,*
*ne sommeille pas,*
*le gardien d'Israël.*
*Le Seigneur, ton gardien, le Seigneur,*
*ton ombrage, se tient près de toi.*
*Le soleil, pendant le jour,*
*ne pourra te frapper,*
*ni la lune, durant la nuit.*
*Le Seigneur te gardera de tout mal,*
*il gardera ta vie.*
*Le Seigneur te gardera,*
*au départ et au retour,*
*maintenant, à jamais.*

***Psaume 121***

Ce psaume est un chant de confiance et de paix profonde.
Il nous rappelle que face aux obstacles et aux incertitudes de la vie, nous ne sommes jamais abandonnés.
Dieu est comme un gardien attentif qui ne sommeille ni ne dort. Contrairement aux appuis humains, fragiles et temporaires,
sa protection est constante, de jour comme de nuit.
Il veille sur chaque détail de nos vies, nous abritant du soleil brûlant comme des dangers de la nuit.

Méditer ce psaume nous invite à lâcher prise, à déposer nos inquiétudes et à faire pleinement confiance à Celui qui garde notre départ et notre arrivée, dès maintenant et pour toujours.

# Kateches an der Par Regioun Iechternach St Willibrord

**Kateches**
- Fir d'Kanner vun de Cyclen 2.1 bis 4.2
- De Jesus a seng *Frou Botschaft* kenneléieren
- D'Bibel entdecken
- En Abléck an déi chrëschtlech Relioun mat hire Fester an Traditioune kréien

**Schaffen a Gruppen**
D'Gruppe vun der Kateches sinn de Schoulzyklen no agedeelt a fannen a verschiddenen Uertschaften statt (Iechternach, Jonglënster, Konsdrëf, Beefort, Bäerdref, Rouspert).
D'Kateches ass 3-4 mol am Trimester (Dauer: 1 Stonn).

**Caté pour tous**
D'"Caté pour tous", eng Kateches fir jiddereen: 1x pro Trimester (Kanner, Jugendlecher, Erwuessener, Elteren a Grousselteren).

**Virbereedung op d'Éischtkommunioun**
E Kand soll 3 Joer an der Kateches deelhuelen.
Am laaf vum Joer gëtt et niewt der Kateches eng speziell Virbereedung. D'Kanner huelen regelméisseg un de Gottesdengschter deel.

**Umeldung fir d'Kateches**
De Flyer vun der Kateches, mam Umeldungsformular ass an all Bréifkescht an onser Por ausgedeelt ginn. Dir fannt den Umeldungsformular och an de Kierchen, am Parbüro oder iwwert Homepage: **https://cathol.lu/iechternach**.

Déi Kanner déi dat läscht Joër an der Kateches ugemeld woren, do kréien d'Elteren de neien Umeldungsformular per mail geschéckt

*La catéchèse*
- *Pour les enfants des cycles 2.1 aux cycles 4.2*
- *Faire connaissance de Jésus et de sa Bonne Nouvelle*
- *Découvrir la Bible*
- *Recevoir un aperçu de la religion chrétienne, de ses fêtes et traditions*

*Travail en groupes*
*La catéchèse a lieu en petits groupes, qui sont organisés selon les cycles scolaires dans les localités suivantes: Echternach, Junglinster, Consdorf, Beaufort, Berdorf et Rosport.*
*Les cours de catéchèse ont lieu 3-4 fois par trimestre scolaire (durée: 1 heure).*

*Catéchèse pour tous*
*Catéchèse pour tous (1 fois/trimestre) Chacun est invité à participer à la catéchèse pour tous (enfants, jeunes, adultes, parents et grands-parents).*

*Préparation à la 1ère communion*
*L'enfant doit participer pendant 3 ans au cours de la catéchèse.*
*L'année de la première communion une préparation supplémentaire sera offerte aux enfants. Les enfants doivent particper aux services religieux.*

***Inscription***
*Le dépliant avec le formulaire d'inscription a été distribué à "toutes boîtes" dans notre paroisse. Vous le trouvez aussi dans les églises et sur le site internet: https://cathol.lu/iechternach.*
*Les parents, des enfants déjà inscrits à la catéchèse, recevront le nouveau formulaire d'inscription par mail.*

***Informations***
Luc Zimmer (Katechet) Tel. 26 720 376 - email: luc.zimmer@cathol.lu
André Mendes (Sekretär) Tel. 720 149 - email: iechternach@cathol.lu

# Firmung 2027

**Virbereedung op d'Firmung**

• De chrëschtleche Glawe weider liewen a mat aneren deelen
• D'Firmung ass geduecht fir Jonker ab 15 Joer (ab dem Joergank 2011)
• D'Virbereedung ass Dënschdes 2 Mol am Mount (ausser an de Vakanzen) entweder zu Iechternach (Basilika) oder zu Jonglënster (Parzenter)

**Umeldung**

Dir fannt den Umeldungsziedel op eisem Internetsite: cathol.lu/iechternach. Fëllt en aus a schéckt en un de Parbüro: 12, Porte St Willibrord, L-6486 Echternach oder per mail: iechternach@cathol.lu

**Info-Versammlung** (fir Kandidaten an Elteren)

- Méindes 12. Oktober | 19 Auer | Veräinshaus Iechternach (2, p. des Demoiselles)
  *oder*
- Dënschdes 13. Oktober | 19 Auer | Parzenter Lënster (15, rue du Village)

**Fir weider Informatiounen**

Josiane Mirkes (Parassistentin) Tel. 621 263 256 email: josiane.mirkes@cathol.lu
Carlo Morbach (Paschtouer) Tel. 621 197 083 email: carlo.morbach@cathol.lu

# Confirmation 2027

**Préparation à la confirmation**

• vivre et partager la foi chrétienne avec d'autres jeunes
• la préparation est prévue pour les jeunes du lycée (à partir de l'année de naissance 2011) et a lieu 2 fois par mois le mardi (alternance Echternach et Junglinster)

**Inscription**

Vous trouvez la fiche d'inscription sur notre site internet: cathol.lu/iechternach. Veuillez le remplir et envoyer au bureau paroissial: 12, Porte St Willibrord, L-6486 Echternach ou par mail: iechternach@cathol.lu

**Réunions d'informations** (pour candidats et parents)

- Lundi 12 octobre | 19h00 | Maison des Oeuvres à Echternach (2, p. des Demoiselles)
  *ou*
- Mardi 13 octobre | 19h00 | Centre paroissial à Junglinster (15, rue du Village)

**Informations**

Josiane Mirkes (Parassistentin) Tel. 621 263 256 email: josiane.mirkes@cathol.lu
Carlo Morbach (Paschtouer) Tel. 621 197 083 email: carlo.morbach@cathol.lu

**Parbüro Iechternach | Bureau paroissial**

12, Porte St Willibrord L-6486 Echternach
720149 | iechternach@cathol.lu
Site Internet: cathol.lu/iechternach

# Dat (Vir-) Lescht




Ein Mann vom Land isst im Groß-stadt-Restaurant sein Hähnchen mit den Fingern. Mit bösem Blick bemerkt seine Tischnachbarin: „Bei uns ist es üblich, mit Besteck zu essen. Messer in der rechten, Gabel in der linken Hand.“ – „Na so was“, staunt der Mann, „und mit welcher Hand halten Sie dann das Hähnchen?“

Abendgesellschaft in einer vornehmen Villa. Eine Dame prahlt mit den Ahnen ihrer Familie: „Unsere Linie lässt sich bis auf Kaiser Barbarossa zurückverfolgen. Und wie alt ist Ihre Familie?“, will sie von der Tischnachbarin wissen. – „Kann ich Ihnen beim besten Willen nicht sagen, denn die Unterlagen sind bei der Sintflut verlorengegangen!“

*Stefan hat einen Sack voller Nüsse und knackt genussvoll eine nach der anderen. Da kommt sein Bruder Noah und fragt: „Schmecken die gut? Krieg ich was ab?“ Stefan reicht ihm eine Nuss. „Nur eine?“ – „Eine reicht, die schmecken alle gleich.“*

Ein Vater schreibt an seinen studierenden Sohn: „Anbei übersende ich dir das erbetene Geld und mache dich darauf aufmerksam, dass man 500 Euro nicht mit drei Nullen schreibt!“





Lënster
Kierch

# Crémant série limitée



Bestellt äre Crémant a kritt en ab 6 Fläsche (110,00€) gratis heem geliwwert (awer just an der Gemeng Junglënster).
E-mail: commande@LensterKierch.lu
Tel.: (+352) 621 375 295





## 25.10.2026

Concert | 16:00
Bach-Kantaten-Gesprächskonzert

Ensemble AD LIBITUM
Ensemble vocal ad hoc
Olivier Nilles, *baryton*

***Eintritt / Prix d'entrée : 25€***
***Studenten / Étudiants : 0€***



## 15.11.2026

Récital d'orgue | 17:00
Laurent Felten
organiste titulaire



***Eintritt / Prix d'entrée : 25€***
***Studenten / Étudiants : 0€***

Reservationen nur durch Anruf unter:
*Réservations uniquement par appel au:*
**(+352) 621 375 295**

## > Unterstützen Sie uns!

Konto: **«Les Amis de l'Église de Junglinster»**
Vermerk **«Ehrenmitgliedschaft 2026»**
**CCRALULL | IBAN LU43 0099 7800 0027 3540**
oder scannen Sie bitte diesen QR-Code um über Payconiq zu spenden.

## > Soutenez-nous !

Compte **«Les Amis de l'Église de Junglinster»**
avec la mention **«Carte de membre 2026»**.
**CCRALULL | IBAN LU43 0099 7800 0027 3540**
ou scannez s.v.p. ce code QR pour faire un don via Payconiq.

Mehr Informationen unter:
*Pour plus d'informations:*

**LensterKierch.lu**

marcwilmes.com